PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng Fro n°387 huet d'Mobilitéitsministesch informéiert, dass d'CFL am Joer 2035 misste ronn 40% méi Leit astellen, fir d'Ziler vum nationale Mobilitéitsplang (PNM2035) z'erreechen. Am ganze Grupp CFL schaffe ronn 5000 Leit, dat wieren also insgesamt gekuckt 2000 Leit méi (Passagéierverkéier a Cargo). Deemno missten d'CFL ab elo all Joer am Schnëtt 200 nei Leit astellen, fir d'Zil z'erreechen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi deelen sech d'Personal bei den CFL op tëschent dem Passagéierberäich an dem Fret?
2. Wéi vill Persounen sinn iwwert déi lescht 3 Joren bei den CFL am Passagéierberäich agestallt ginn, opgelëscht no Joer?
3. Wéi vill Persounen hunn iwwert déi lescht 3 Joren d'CFL am Passagéierberäich verlooss (Pensiounen, Kënnegungen, Wiessel an de Fret, etc.), opgelëscht no Joer?
4. Wéi wëll d'Ministesch dofir suergen, dass d'CFL ronn 200 Persounen pro Joer astellen?
   Wéi eng Virdeeler wäert d'CFL am Vergläich zu anere Verwaltungen kënne bidden?
   Wéi dréit d'CFL hei den Ëmstänn um Aarbechtsmarché Rechnung, dass beim Staat a verschiddene Verwaltungen och massiv rekrutéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten